Lëtzebuerg, den 1er avril 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

*„ Eis ass zu Ouere komm, datt de Centre hospitalier du Nord (ChdN) op sengem Ettelbrécker Site an den nächsten Deeg riskéiert seng Maternité missen zouzemaachen, well kee Pediater méi zur Verfügung ka stoen, sou wéi d'Spidolsgesetz et verlaangt, wann ee Kand op d'Welt kënnt.*

*Et ass effektiv sou, datt bei enger Gebuert e Kannerdokter ganz kuerzfristeg muss verfügbar sinn, wann et zu onerwaarte Komplikatioune kënnt, déi d'Gesondheet oder souguer d'Liewe vum Kand a Fro stelle kënnen.*

*Aus deem Grond wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froen dringend stellen:*

- *Stëmmt et, datt am ChdN um Site Ettelbréck net genuch Kannerdokteren de Moment disponibel sinn fir en normalen Déngscht vun enger Maternité z'assuréieren?*
- *Wa jo, wat sinn d'Ursaachen dofir?*
- *Wéi héich ass de Risiko, datt d'Maternité an den nächsten Deeg muss zougemaach ginn, well déi gesetzlech virgeschriwwe Sécherheetsstandarden net méi garantéiert sinn?*
- *Sicht de Gesondheetsministère mat den zoustännegen Instanzen eng Léisung ze fannen, fir datt d'Maternité awer kann opbleiwen; zemools wann ee bedenkt wéi wäit d'Leit aus dem Éislek oder dem Réidener Kanton fuere mussen, wa sech eng Gebuert méi séier ukënnegt wéi erwaart?“*

Mat déiwem Respekt,

| André BAULER | Gilles BAUM |
|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten |